



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

N°5913
Reçue le 10.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 10.03.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'POST steet wéinst den Niddregzënze finanziell ënner Drock a muss eng Rei Moosnamen
huelen, fir deem entgéint ze wierken. Säit dem 1. Januar mussen Clienten vu Postcheckkonten
zousätzlech Fraise bezuelen an uechter d'Land ginn ëmmer méi Postbüroen zou, wat en
immensen Effet op d'Liewesqualitéit an dat soziaalt Liewen am ländlechen Raum huet.

An deem Zesammenhang géing ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Zomm huet de Staat als 100 Prozent Aktionär vun der POST an de Joren
2013 bis 2021 jeeweils als Dividend empfangen?
- 2) Gesäit d'Regierung am Kader vum finanziellen Drock ënnert deem d'POST steet vir,
fir an den nächste Joren op eng Dividend ze verzichten, fir d'Eigenkapital vum Betrieb
net weider ze belaaschten?
- 3) Sidd dier net och der Meenung datt Post eng wichteg Missioun vun "intérêt public"
ze erfëllen huet, an hier Decisiounen net eleng op Rentabilitéitscritèren soll
baséieren ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Madame la ministre des Finances, Yuriko Backes, à la question parlementaire n°5913 du 10 mars 2022 de Monsieur le Député Roy Reding au sujet des dividendes de la part de POST Luxembourg

De Staat kritt vu POST Lëtzebuerg all Joer Dividenden, déi sech op den Exercice vum Joer virdu bezéien. Fir d'Exercicë vun 2013 bis 2020 goufe folgend Dividenden ausbezuelst :

2013	20.000.000 €
2014	20.000.000 €
2015	20.000.000 €
2016	20.000.000 €
2017	20.000.000 €
2018	20.000.000 €
2019	20.000.000 €
2020	14.000.000 €

Den Artikel 46(2) vum ëmgeännerte Gesetz vum 10. August 1992 (Loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications) leet fest, wat mam Gewënn vu POST Lëtzebuerg geschitt. Ee bestëmmten Deel vum Gewënn muss all Joer an e Fong transferéiert ginn aus deem d'Investissementer vu POST Lëtzebuerg finanziert ginn. Doriwwer eraus gëtt et en Accord mat der Regierung, dass d'Liquiditéit vu POST Lëtzebuerg och bei de Berechnunge vun Dividende berécksiichtegt ginn. Dat alles bestëmmt also, wéi vill Dividenden de Staat all Joer vu POST Lëtzebuerg kritt.

POST Lëtzebuerg erfëllt ganz vill Missiounen "d'intérêt public". Wéi eng dat sinn gëtt entweder iwwert Gesetz (Service universel) oder iwwert Konventiounen, sougenannte "SIEG" (Service d'intérêt économique général) festgeluecht. Dem Gesetz vum 26. Dezember 2012 iwwert d'Postservicer no, gehéiert d'Bedreiwe vu Postbüroen net zu esou enger Missioun.

Bei all hiren Aktivitéite muss d'POST sech engem staarke konkurrenzuelen a reguléierten Ëmfeld stellen, dofir muss de Betrib och no privatwirtschaftleche Krittäre gefouert ginn. Dat verhënnert awer net, datt d'POST hir Roll am Respekt vun hirer sozialer Verantwortung erfëllt, an hiren Engagement dofir wäit iwwert eng reng ekonomesch Approche eraus geet.

Luxembourg, le 14/04/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot